

Lëtzebuerg, de 10. Oktober 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„Et ass gewosst, datt eng Rei landwirtschaftlech Betriber net gutt do stinn an esouguer héich verschélt sinn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- 1. Wéi gesäit de Moment d'Scholdesituatioun vun de Betriber am landwirtschaftleche Beräich aus?*
- 2. Wéi ginn dës Betriber konkret suivéiert an op eventuell finanziell Risiken opmierksam gemaach? Ginn a gouf et schonn an de leschte Joren Zenarien, an deenen sech eng Faillite ofgezeechent huet?*
- 3. Wat sinn aus der Siicht vum Landwirtschaftsministère déi geleeftegst Ursaache fir finanziell Schwierigkeete respektiv Faillitten an eisem landwirtschaftleche Secteur? Wat fir een Typ vun Acteur ass am meeschte betraff?*
- 4. Gëtt et een Zesammenhang tëscht der Zuel vun de bewirtschaften Hektaren, déi gepacht sinn, an dem Risiko a finanziell Schwierigkeeten ze geroden?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten